

Snowboardclub Lëtzebuerg

2013/2014

Issue 18, November 2013



Championnat 2014 zu Achenkirch

D'Lëtzebuenger Landesmeeschterschaften 2014 zu Achenkirch stinn virun der Dier an du hues dech nach net ugemellt? Da get et awer elo heich Zait!

Op där nächster Sait fënns du all Informatiounen deis du brauchst an dei mat dem Championnat ze din hun.

Fir dech unzemellen brauchst du just den vollen Bertag vun 255€ op de Kont vum Snowboardclub ze iwerweisen:

Lu25 0141 8239 1510 0000 bei der ING

Code BIC: CELL LULL

**All weider Informatiounen um Tel. 621 507 575 oder
beim Kevin am Urbannature zu Iechternach**

urbannature
STREETWEAR & OUTDOOR CLOTHING
www.urbannature.lu



Snowboardchampionnat 2014 zu Achenkirch

Lëtzebuenger Landesmeeschterschaften am Snowboardcross
an am Parallelsalom.

Programm

Départ zu Lëtzebuerg

Donnersteg den 23. Januar 2014 geet et fort. Emol um 21:00 zu lechternach op der Kiermesplatz an um 21:45 um P&R Luxembourg Sud. Et geet mat engem Bus vun Voyages Emile Weber bis op Achenkirch.

Logement

Dëst Joer nei as dass mir net mei an der Scholastika wunnen kennen. No denen villen Joeren wou mir lo schons dohin fueren get dëst Gebai ofgerappt an mir hun eis eppes neies gesicht.

Mir wunnen dëst Joer am Almgasthof Huber, enger Pensioun mat Dubelzimmern an Hallefpensioun.

Freideg, 24. Januar

Freides kann jidereen sech mam Schigebiet Christlum zu Achenkirch vertraut machen an esou vill Descenten machen wei en Loscht huet.

Samsdeg, 25. Januar

Den Dag vun den Compétitiounen.

Moies um 10:00 steet den Snowboardcross an 2 Manchen um Programm.

Direkt duerno, um 12:30 as d'Qualifikatioun fir den Parallelsalom. Um 16:00 gett e Patt vun Snowboardclub offereiert.

Den Retour steet dann fir Sonndes um Programm

Lëtzebuenger Landesmeeschterschaften am Snowboard, organiseiert vun der Lëtzebuenger Schifederatioun FLS an dem Snowboardclub Lëtzebuerg. Vum 24. bis den 26. Januar 2014 sin zu Achenkirch an Tirol Landesmeeschterschaften an den Disziplinen Snowboardcross an am Parallelsalom. Rees am Bus, Iwernuechtung mat Hallefpensioun an 2 Deeg Schipass, dat as den Package den mir dier dest Joer nees ubidden. Fir matzemachen brauchts du just eng Lizenz bei der FLS an schon bas du dobai!

Wei kris du esou eng Lizenz? Ma ganz einfach, du brauchts just emol an den Medico Sportif ze goen an en medezineschen Check ze machen a schon bas du dobai! Fro dir **elo direkt** en Rendez-Vous um Tel. 621 507 575 fir den Medico sportif.

Du gees nach an d'Schoul? Keen Problem, mir machen eng Demande bei denger Directioun an da gess du Freides während dem Championnat vun der Schoul fraigestallt.

Also mach mat a mell dech direkt un um Tel. 621 507 575 beim Tom oder um 621 165 466 beim Alain oder per E-mail op Snowboardclub@pt.lu a schon kanns du zu Achenkirch e super Weekend erliewen an dech mat dengen Frenn a Konkurrenten moossen.

Prais fir d'Championnat ouni Memberskaart: 255€

